N°813
Entrée le 29.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7325 vun 2022 goung ervir, dass tëschent 2018 an 2022 eng 44 Wunnengen erëm vun der SNHBM zeréckkaf goufen. An der Äntwert op d'Fro n°390 hat de Minister geschriwwen, dass d'SNHBM eng Risikomarge vun 6% op seng Verkafspräisser droprechent, fir dem finanzielle Risiko, deen aus der Schätzung vun de Baukäschten entsteet, an eventuelle Präisrevisioune Rechnung ze droen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°390 hat de Minister net op d'Fro geäntwert, ob d'Wunnengen, déi d'SNHBM zeréckkaf huet, spéider bei engem weidere Verkaf zu engem méi héije Präis verkaf goufen?
   Kann de Wunnengsbauminister dëst ausschléissen oder net?

2. Wéi erkläert de Minister, dass bei verschiddenen SNHBM-Wunnengen, déi um Internetsite annoncéiert waren an déi vun der SNHBM zeréckkaf goufen, Präisënnerscheeder vu 50.000€ oder méi zoustane kommen?

3. Wéi fixéiert d'SNHBM d'Verkafpräisser vun de Wunnengen, déi si iwwert d'Virkafsrecht ofkaf huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten